



Eis KLACK N°300!

Sou dacks huet eis KLACK dann elo gepénkt; also zënter 1993, an dat 10 mol d'Joer. Wann dir iech do fir all Kéier eng ganz Zeitungssäit virstellt a wéivill Buchsäiten dat giffe ginn, da kënt een op dräi houfregger ‚Drullesse‘ kommen.

Wéivill Leit domat erreecht si ginn, dat geet an déi Zéngtausenden, fir déi eng méi, anerer net esou regelméisseg ... ower net nëmme Veräinsmembren; just dat war d'Ursach, firwat eis KLACK entstan ass. Eis Actioun-Lëtzebuergesch, déi jo virun 3 Joer hir 50 Joer gefeiert huet, ass fir eis Sprooch entstan. Mä eis Nationalsprooch ass jo jidfer Lëtzebuergeseng, also ...

An engem aneren Artikelchen ass dann elo eng Schwadrull vu ‚Saache‘ fir eis Sprooch opgezielt, déi mir direkt oder indirekt fir eisen Nationalidiom un d'Wibbele kritt hunn; un déi allmeescht huet virun eisem Gewudders knapps ee geduecht. Gedreemt huet kee vun engem Gesetz; scho guer net vun eiser Sprooch am Grondgesetz vun eisem Staat, der Constitutioun!

Gewëss: Et guff ewell 1971 eng dichteteg Literatur op Lëtzebuergesch ... ower wéivill hunn der se da gelies? Och un engem gudden an houfregen Dictionnaire hunn dichteteg a fläisseg Leit Joer an Dag geschafft; leider schafft nach laang net jidferen sech esou e Wiederbuch un, an esouguer wann ... wéivill stin der a schéine Bibliothéiken ... just fir do ze stoen?

Kuckt emol, wéi a wat d'Lëtzebuergesch an der Press war: en Heeschekëndchen. An der Schoul: am Motzeck!

Gewëss: Wat mir um Gebitt vun eiser Sprooch ‚geféngert‘ hunn, dat war (bewusst!) net onbedéngt ‚wëssenschaftlech‘; dat brauch ower keen äis auserneezedin, well mir si jo och net grad op de Beem gewuess. Sinn da populär ‚Diktik‘ (also d'Manéier fir eppes u Kanner/Leit ze bréngen) a Pädagogik kee ‚Wëssen‘?

Mir kennen alleguer Schoulleit, déi hirt Fach immens gutt drop hun ... mä vrun enger Klass gin se ënner wéi eng bläien Int. Dogéint fénnt een ‚Talenter‘, déi keng héichkariéiert Wëssenschtlere (wëlle) sinn, mä et erënnert ee sech mat Respekt e Liewe laang un si!

Fänkt emol ‚am Klengen‘ un: E Kand léiert net mat ‚Wëssenschaft‘ schwätzen; net mat enger Grammatik am Grapp; och déi schéinste Literatur spillt do keng Roll; mam beschten Dictionnaire kann den Däbbes jo näischt ufänken. Déi ‚Grouss‘ sinn seng Dictionnairen, seng Literatur an seng ganz ‚Wëssenschaft‘ ... déi no an no d'Sprooch duerch seng Liewens- a Familljenëmstänn méi räich maachen a verfeinere.

Haut hu mir d'Lëtzebuergesch, op jidfer Niveau, bis bei d'Doktorat als Fach op eiser Uni; am héichoffiziellen ‚Zenter‘ fir eis Sprooch schaffe kompetent a fläisseg Leit; Zéngtausende Leit sinn a Lëtzebuergeschcoursen ageschriwwen; et ass net vu Muttwëll, fir sech mol drun ze erënnere, wéi dat dat vrun Dosende Joeren ausgesin huet ... iert d'AL déi éischt Coursen 1974 um Lampertsberg an deer fréierer Europaschoul opgemaach huet; ëmmer erëm fannt dir eis Actioun-Lëtzebuergesch direkt oder indirekt um Fong vun allem, wat vu 1971 u fir eis Sprooch ‚geschit‘ ass!

An dësem Zesammenhank komme mir net dolaanscht, datt bei der AL keen e Wuert géint eng aner Sprooch fénnt, héchstens géint zevill muttwëllest, onnéidegt Franséisch oder Däitsch, haut och Englesch. Mir sinn äis bewusst, wat mir eiser exemplarescher Sproochesituatioun ze verdanken hunn. Dacks géllt hei ower dee gescheite Sprooch: *Zevill an net genuch si keng Moossen!*

Jidfer Aarbecht fir eis Sprooch ass hirer Eier wert; mir hoffen eis KLACK och, a soe jdderengem MERCI, deen se gelies huet a weider liest.

Zënter ‚Udem an Éiv‘

hu mir **Wieder an Nimm fir Déieren a Gedéiesch oder Planzen**, déi et hei guff ... an och nach gétt. Natierlech ass ze verstoen, datt ëmmer méi ‚Ameisen‘ a ‚Schmetterlingen‘ heiruechter kruwwelen oder fléien, well d'Schouldäitsch sech jo mam Gebrauch vun Liesen a Schreiwwe breet mécht; vu Radio an TV emol net ze schwätzen.

Aaht Gemaiesch an Haiser gi – mat Recht – op Lëschte gesat, a ‚Sites et Monuments‘ hält Hand driwwer. Et gétt ower garantéiert **kee Gebai, dat esou al ass wéi eisen Ausdrock ‚Seejomes‘!** Mä wou a wéi gétt sech dann z.B. em eis zeg-Joerhonnerten al Nimm fir ‚Gedéiesch‘ bekëmmert, déi ower ganz bestëmmt zu eisem ‚Patrimoine culturel‘ gehéieren. Eis Sprooch an der Schoul wier déi giedeleg Plaz dofir!

Wat sinn dann dës Déierchen an anere Sproochen an ëmgedréint: den Heesprénger – d'Harespel – d'Mouk – de Päiperlek+++ – d'Ellchen – den Ouereschléffer – d'Sch...méck – d'Meedéier – d'Himmels-/Heemelsdéierchen – de Maulep – de Päerdkruwweler ...? Datselwecht dann och nach fir Planzen am Gaart: Bratzelen – Kréischelen – Rommelen – Bettseesch – Zalot-/Kabeskéil ...

Et wier dach wierklech schued, wann dës Ausdréck giffe verluergeen. Oder?

vum Lex Roth



Wéi räich ass d'Lëtzebuergesch?

Natierlech kann een eng kleng Sprooch wéi eis net mat héige Kultur- a Literatur-sproocher vergläichen; deen ‚Hunnekamp‘ hu mir net; wëllen/sollen se ower bei-leiwen och net verstopen. **Mir hunn e Sproochverméigen, dat eemoleg op der ganzer Welt ass!** Am Laf vu 6 Joer kommen 3 Héichsproocher bei eis Mammesprooch an d'Gewunnecht vun der Majoritéit vun eise Leit; natierlech net perfekt, mä bausst eise Grenze ginn d'Noperen net fäerdeg mat sech ze wonneren, dat esouguer op den Universitëiten an Däitschland, Frankräich der Belsch oder anglophone Länner ... dat ass e ‚Sproochverméigen‘, dat eis ‚Hausprooch‘ de Lëtzebuergeseng ganz normal verschafft. **E Stéck Identitéit, fir dat mir an der ganzer Welt beneit ginn ... souguer eng Sproochmedail giffe verdéngen.**

Mä wéi jidfer ‚Gielchen‘ huet dës Situatioun och eng hënnescht Sait: **Mir rutsche bei eisem Lëtzebuergesch doduerch immens séier an ‚eis‘ aner Sproocher!** Dofir ass et vläicht net vu Muttwëll, wa mir hei an der KLACK zimlech regelméisseg Beispiller, esouguer ganz Sätz Lëtzebuergesch bréngen, déi kenger anerer Sprooch gläichen, net méi wéi en Apel enger Orange ... a wou een sech eng Maandel voll wonert, datt et wierklech a praktesch nëmme EISES ass:

Tässel dee Stoffi net esou op d'Schmier – Maach dech dach net esou – Kuck, dass de verkënns – Ech hal' wuel jo! – Deen hippt wéi jidfer Schlammen – Ech hunn eng déck Bëls – Molbier ass e schneekegt Gebeess – Et schëdd wéi mat Eemeren – Dat ass eng kraache Kar – Dat Rad wänzelt wënsch – E Wëppel Ham ass eppes Geschméicheges – De Menn ass e verbruete Klatzkapp – Gëff dech mat deem Jäizen – Hal op mat dengem Gepatschs – Ech hu mäi Knéi am A... – Hatt ass eng vermengte Butsch – Hien ass e gouerege Rippchen – Dee Jong ass e graffe Flappes – Mir kréien déi schëtzege erëm – Hien hëlt eng kriddeleg Kéier – Deen hunn ech zerguttst noneegemaach – Dat gétt eng Träipeverschléppung – Deen huet eng Klatz wéi eng Rommel – lo geet et déck duer! (fir haut 😊)



„Hal op mat dengem Gepatschs“
(Foto: Shutterstock)

200 Joer!

Dat ass e laangen Dag, soen d'Leit. A bannent deenen 8 Generatiounen **ass aus deem dialektege Gebabbels en Idiom ginn, dee wäit iwwer en ‚hausmacher‘ Dialekt erausgeet!**

Wann een dem Tun Meyer aus dem Ufank vum 19. Joerhonnert säi sympathesch Gemierwels aus der Staadter Paschtoueschgaass mat deem vergläicht, **wat mir haut als Literatur am Lëtzebuergesche kennen ... do leie souzese Welten dotëscht!** Mam Trio Dicks-Rodange-Lentz an en etlech anere mécht eis Sprooch e Saz, deen si bei Sprooch-Fachleit wéi den Nik.Welter an de René Engelmann féiert; d'Professeren Nicolas Margue a Lucien Koenig, déi sech net onbedéngt gréng waren, sinn den Iwwergank bei eisen éischten offiziellen Dictionnaire ginn; Wëssenschafte wéi de Robert Bruch féieren äis dann eeriicht bei Spezialiste wéi e Peter Gilles, e Sam Mersch an eng Partie aner dichteteg Kollegen, an deerselwechter Zäit, wéi mir da Qualitätsschreiwerte wéi de Marcel Reuland, den Tit Schroeder, de Jos Keup fannen, déi ee **getréischt an d'Mëtt vu bekannten Dichter aus dem Houdäitsche setze kann.**

Wat dann an de leschten 3 Generatiounen an eiser Sprooch geschitt ass a geleescht guff, nach ëmmer weider ze bewonneren ass, dat passt hoergenee op d'Entwécklung vun eisem eegene Staat, dem ‚Mini‘- ower souveräne Lëtzebuerg, dat op der ganzer Welt eng ‚respektabel Figur‘ mécht. Eise Merci géllt fir alleguer déi, déi op hir Fassong doru ‚schëlleg‘ sinn! Mir stellen äis gär mat an d'Rei. 😊

AL-Generalversammlung

Samschdeg, den 13. Abrëll 2024

um 15.00 Auer

zu Mutfert, am Jugendhaus

1, Méidenger- Strooss